# EXOSKIN™-G1 BENOTZERINSTRUKTIOUNEN

**BAUMUSTERGENEEMEGUNG**
PPE-Direktiv (EU) 2016/425
EU-Baumusterpréiwung – Module B (Annex V)
Produitskonformitéit mam Baumuster – Module D (Annex VIII)
NB 2797, BSI Group, The Netherlands B.V. John M Keynesplein 9, 1066 EP, Amsterdam, Nederland

CE 2797

UKCA 0086

**Approbatioun vum UKCA-Marquage**
(EU) Direktiv 2016/425 iwwer perséinlech Schutzausrüstung an där fir Groussbritannien ëmgeännerter Fassung. AB 0086, BSI Assurance Ltd., Kitemark House, Davy Avenue, Knowlhill, Milton Keynes, Bucks MK4 8PP

| BS EN ISO 374-1:2016 Type A | BS EN ISO 421:2010 | BS EN ISO 374-5:2016 | BS EN 388:2016 |
|---|---|---|---|



| A B I K L P | | VIRUS | 1 0 0 0 X |
|---|---|---|---|

De Penetratiounswidderstand gouf ënnert Laboratoiresbedingunge gepréift a bezitt sech ausschliisslech op déi getest Echantillonen.

Dëse Produit ass esou konzipéiert, datt en d'Konformitéitsoploen an der Annex II vun de grondleeënde Gesondheets- a Sécherheetsoploen (EHSR) vun der Direktiv (EU) 2016/425 iwwer perséinlech Schutzausrüstung erfëllt.

**UWENDUNG A GEBRAUCH**
D'CBRN-Händsche vun Avon Protection kënne béidsäiteg gedroe ginn a bestinn aus Butyl. Se goufen entwéckelt, fir d'Hand, d'Handgelenk an den ënneschten Deel vum Aarm géint chemesch a biologesch Geforen, radioaktiv Kontaminatioun ze schützen. D'CBRN-Händsche vun Avon Protection bidden och Schutz géint mechanesch Risikoen ewéi iwwerflächlech Verletzungen oder Kontakt mat waarme Flächen bis zu 50 °C. Dës Produiten enthale keng Materialien, déi ënnert de previsibele Bedingunge vun engem normale Gebrauch Substanze fräisetzen, déi als toxesch, karzinogen, mutagen, allergen, reproduktiounstoxesch, korrosiv, sensibiliséierend oder irritéierend bekannt sinn.

**CHEMESCH PERMEATIOUN**

| CODE | CHEMIKALIE | CAS-Nr. | KLASS | MPL | DR% |
|---|---|---|---|---|---|
| A | Methanol | 67-56-1 | Primären Alkohol | 6 | -3,4 |
| B | Aceton | 67-64-1 | Keton | 6 | -3,5 |
| I | Ethylacetat | 141-78-6 | Ester | 4 | 10,1 |
| K | Natriumhydroxid 40 % | 1310-73-2 | Anorganesch Bas | 6 | 1,3 |
| L | Schwiefelsaier 96 % | 7667-93-9 | Anorganesch Mineralsaier, oxidéierend | 6 | 3,4 |
| P | Waasserstoffperoxid 30 % | 7722-84-1 | Peroxid | 6 | -10,6 |

(Gepréift geméiss BS EN ISO 16523-1:2015+A1:2018 )

Permeatiounswidderstandsniveau 4 (>120 Minutten), Niveau 6 (>480 Minutten) Permeatiounszäit D'Händsche vun Avon Protection bidde weiderhin e Permeatiounswidderstand als Schutz géint chemesch Kampfstoffer (CWA) a Form vu Flëssegkeetsdrëpse géint HD, GD, TGD a VX bei engem kumulative Permeatiounsniveau vun <2.0 μg/cm$^2$ no 24 Stonne bei enger Testkonzentratioun vun 10 g/m$^2$.

**SCHUTZDATEN**

| TESTUFUERDERUNGEN | RESULTAT |
|---|---|
| BS EN 388:2016+A1:2018 – Verschläissfestegkeet (6.1) | Niveau 1 |
| BS EN 388:2016+A1:2018 – Schneidfestegkeet (6.2) | Niveau 0 |
| BS EN 388:2016+A1:2018 – Räissfestegkeet (6.4) | Niveau 0 |
| BS EN 388:2016+A1:2018 – Duerchstoussfestegkeet (6.5) | Niveau 0 |
| BS EN ISO 21420:2020 – Gréissten & Moossen (6.1.1) | Bestanen |
| BS EN ISO 21420:2020 – Fangerbeweeglechkeet (6.2) | Niveau 5 |
| BS EN ISO 374-2:2019 – Dichtheetstest (4.1) | Bestanen |

**WARNUNG**
Iwwerpréift d'Händsche virum Gebrauch suergfälteg bannen a baussen op Mängel oder Feeler a benotzt de Produit am Zweiwelsfall net.
Déi iwwer d'Klassifizéierung vum Produit geliwwert Informatioune spigele weeder déi tatsächlech Schutzdauer op der Aarbechtsplaz nach d'Ënnerscheedung tëschent Mixturen a renge Chemikalien erëm.

D'Widderstandsfäegkeet géint Chemikalie gouf ënner Laboratoiresbedingungen unhand vun Echantillonen ermëttelt, déi just vun der Handfläch stamen, a bezitt sech ausschliisslech op déi getest Chemikalie. Se kann ofwäichen, wann d'Chemikalie an enger Mëschung benotzt gëtt.
Et gëtt recommandéiert, ze iwwerpréiwen, ob d'Händschen sech fir dee geplangte Verwendungszweck eegenen, well d'Bedingungen op der Aarbechtsplaz jee no Temperatur, Verschläiss an Degradatioun vun der Baumusterpréiwung ofwäiche kënnen.
Wann se gebraucht sinn, kënnen d'Händschen opgrond vu Verännerunge vun de physikaleschen Eegenschafte méi e gerénge Widderstand géint déi geféierlech Chemikalie opweisen. Beweegungen, Hänkebleiwen, Verschläiss, Degradatioun duerch Kontakt mat Chemikalien asw. kënnen déi tatsächlech Notzungsdauer wesentlech verkierzen.
Bei korrosive Chemikalie kann d'Degradatioun dee wichtegste Facteur beim Choix vu chemikaliebestännegen Händsche sinn.

**ASAZBESCHRÄNKUNGEN**
Dës Produite bidde keen direkte Schutz géint Stralung.
Dëse Produit ass net gëeegent fir den Asaz:

- an Environnementer, an deenen Explosiounsgefore bestinn oder optriede kënnen.
- an Environnementer, an deenen een enger oppener Flam ausgesat ass.

Als Sécherheetshändschen aleng bidden dës Produite kee Widderstand géint Brennstoffer.
Als Sécherheetshändschen aleng bidden dës Produiten nëmmen e limitéierte Schutz géint mechanesch Geforen.
**Dës Produite kënnen net gefléckt ginn a sollen direkt ersat ginn, wann se beschiedegt sinn.**

**BOTZEN / DEKONTAMINATIOUN**
No engem normalen Asaz kënnen dës Produiten duerch gréndlecht Ofspulle mat Seef a Waasser gebotzt ginn. Se solle virun der Lagerung dréchene gelooss ginn.

**Nom Kontakt mat enger CBRN-Bedroung sinn déi entspriechend Protokoller fir d'Dekontaminatioun oder d'Entsuergung vun der Ausrüstung ze beuechten.**

**LAGERUNG AN TRANSPORT**
Lagert d'Produiten an hirer Originalverpackung op enger propperer, dréchener Plaz.
Lagert se bei Temperaturen tëschent 10 °C an 30 °C, bei enger relativer Loftfiichtegkeet vu manner wéi 80 % an esou, datt se géint direkt Sonneliicht geschützt sinn.
D'Lagerung ausserhalb vun dësen Temperatur- a Loftfiichtegkeetslimitte kann d'Haltbarkeet vum Produit verkierzen. Benotzt déi kartongs Originalverpackung fir den Transport.

30°C
10°C
<80%

**MARQUAGE VUM VERFALLSDATUM**
De Verfallsdatum vum Produit ass follgendermoossen op der Etikett uginn:

mm/yyyy

**UN- AN AUSDOEN**
Hiweis: D'CBRN-Händsche vun Avon kënne mat oder ouni Bannenhändsch benotzt ginn. Falls eng Bannenhändsch benotzt gëtt, dot fir d'éischt d'Bannenhändsch un, andeems Dir Är Hand ausstreckt an an d'Bannenhändsch stiecht, d'Händschefangeren no ënnen zitt an ajustéiert fir e séchere Sëtz vun der Händsch ze garantéieren. Zitt dann d'CBRN-Händsch op eng änlech Aart a Weis iwwer d'Bannenhändsch a widderhuelt dëse Virgang fir déi aner Hand. Fir d'CBRN-Händsch an d'Bannenhändsch (falls eng benotzt gouf) auszedoen, haalt d'Spëtze vun den Händschefangeren un an zitt se vun lech ewech, bis d'Händschen sech liicht erofzéie loossen. Am Fall vun enger Kontaminatioun sollen d'Benotzer déi lokal/betriblech Verfare fir d'Dekontaminatioun an d'Protokoller fir d'Ausdoe vu PSA befollegen.

**GRÉISSTEN**
Déi zu de Gréisste geliwwert Informatiounen dénge just als Richtlinn. Fir eng bequeem Passform mat maximaler Fangerbeweeglechkeet fir de Benotzer ze garantéieren, soll de Produit uerdnungsgeméiss ugemooss ginn.

| GRÉISST VUN DER HÄNDSCH | LÄNGT VUN DER HAND | ËMFANG VUN DER HAND | EC GRÉISSTEBERÄICH |
|---|---|---|---|
| S | 155 mm–169 mm | 168 mm–197 mm | 6,5 |
| M | 169 mm–183 mm | 197 mm–219 mm | 7,5 |
| L | 183 mm–197 mm | 204 mm–226 mm | 9 |
| XL | 197 mm–211 mm | 217 mm–239 mm | 10,5 |

**KONTAKTINFORMATIOUNEN**
Am Fall vun engem Problem mam Produit kontaktéiert wgl. Ären autoriséierten Distributeur oder Avon Polymer Products Ltd., déi lech déi néideg Informatioune ginn, fir de Problem ze léisen.

**EMEA**
Avon Polymer Products Ltd., Hampton Park West, Melksham, Wiltshire UK SN12 6NB.
Tel: +44 (0) 1225 896 705. Email: EMEAcustomerservice@avon-protection.com.

**Amerika**
Avon Protection, 503 Eighth St., Cadillac, Michigan USA 49601.
Tel: +1 888 286 6440. Email: customerservice@avon-protection.com.

www.avon-protection.com

Souwuel d'EU-Konformitéitserklärung wéi och d'UKCA-Konformitéitserklärung fannt Dir op der Websäit www.avon-protection.com/certifications.htm

Copyright © 2026 Avon Protection. All Rechter virbehalen.
GR06388-01 (GR05514-03 English). PN: 606916-LUX